# Rapport vun der Qualitéitsbeoptragter vun der EGMJ

Als di 4. Qualitéitsbeoptragt vun der EGMJ sinn ech houfreg, iech de Rapport vun der Legislaturperiod 2018/2019 presentéieren ze dierfen an dem CA vun der EGMJ, de Membere vum Qualitéitzirkel an der Equipe vun der EGMJ ee ganz grousse Merci fir déi gutt Zesummenaarbecht ze soen.

## Wat an der Period 2018-2019 alles realiséiert ginn ass

• Fir d'Period 2018-2019 waren 3 Reunioune vum Qualitéitszirkel ugesat:

- 9. Oktober 2018: déi éischt Versammlung vum QZ no der AG 2018 mat den zentrale Sujeten: Qualitéitsmanagement-Handbuch a Programm fir d'Formatioune fir bénévol Gestionnaire vu Jugendstrukuren

- 28. November 2018: Questionnaire fir d'Besoin'en vun de Memberstrukturen ze erhiewen a Visioun vun den ASBL'en fir hir Jugendstrukturen

- 05. Mäerz 2019: Preparatioun vun der AG de 25. Abrëll 2019 mam Festleeë vum Aarbechtsoptrag fir de nächste Qualitéitsbeoptragten an d'Ofkläre vun der Besetzung vum Qualitéitszirkel

Doriwwer eraus hunn ech de Qualitéitszirkel vun der EGMJ op séllechen Evenementer representéiert an ënner anerem u folgenden Terminer deelgeholl:

- 2018 - 2019: Participatioun u verschiddene Reunioune vum Conseil d'Administration vun der EGMJ an un der Plateforme de Coopération mam MENJE vum 14. November 2018

- Verschidde RV'en am Hibléck op den Audit vun der Agence du Bénévolat fir de Label du Bénévolat ze kréien

- 4. Juni 2018 : Ofschlosskonferenz vum Pilotprojet « Outreach Youth Work – Maisons des Jeunes »

- 18. Oktober 2018: Participatioun um « Praxis- und Kontakttag » vun der Uni Lëtzebuerg

- 23. – 26. Oktober 2018 : Participatioun un der internationaler NEET-Konferenz déi vun der EGMJ organiséiert gouf

- Representatioun vun der EGMJ op der « Célébration officielle de la Journée Internationale du Bénévolat » de 5. Dezember 2018

## Missioun an Aarbechtsoptrag

Ech konnt mech an der Period 2017-2018 gutt an meng Roll als Qualitéitsbeoptragte vun der EGMJ eraschaffen a war bereet mäi Mandat ze verlängeren an un deene Sujeten a Froestellungen unzeknäppen, déi a menger éischter Period als Qualitéitsbeoptragten definiéiert gi sinn.

Den 21. Februar 2018 gouf den Aarbechtsoptrag fir den nächste Qualitéitsbeoptragten an der leschter Versammlung vum QZ virun der AG 2018 festgehalen.

Fir d'Zukunftsfähegkeet vun de lëtzebuerger Jugendstrukture sécherzestellen an auszebauen, sinn eng Rei Mesuren a Mossname verstäerkt thematiséiert an ausgebaut ginn.

Ënner anerem konnte folgend Mesuren a Moossnamen an der aktueller Period vum Qualitéitszirkel ëmgesat ginn:

• Finaliséieren an Unhuele vum neie Qualitéitsmanagement-Handbuch duerch d'Membere vum Qualitéitszirkel

• Lancement vum neien Internet Site vun der EGMJ mam Contenu, dee fir d'Memberen an d'Partner vun der EGMJ sou wéi fir all weider Interesséiert relevant ass an an digitaler Form disponibel ass

• Erweiderung vum VADEMECUM an elektronesch Disponibilitéit vun dësem um Internetsite vun der EGMJ

• Ausschaffe vu Formatiouns- a Berodungsoffere fir d'Membere vun der EGMJ, mat ënnerschiddlech Formullen, déi op d'Besoine vun de Membere vun der EGMJ ugepasst sinn

• Ausschafe vun engem Questionnaire fir d'Besoin'en vun de Memberstrukure vun der EGMJ ze erhiewen

• Virstellung vun de Missioune vun der EGMJ an eng domat verbonne Visitt a fachlech Begleedung vun de Member Asbl'en

• Abanne vun de Member vum Qualitéitszirkel an d'Reflexiounen ëm dee neien Numm fir d'EGMJ deen op der AG 2019 presentéiert an ugeholl soll ginn

• Erweiderung vun de Kompetenzen duerch Echange iwwert Visioun vun den ASBL'en fir hir jeeweileg Jugendstruktur(en)

## Ausbléck a Perspektive fir déi nächst Legislaturperiod vum QZ

D'Reflexiounen am Qualitéitszirkel hunn erginn, datt et de Wonsch vun de Memberen ass, an Zukunft eng méi eng héich Präsenz um Terrain ze weisen, d'Jugendstrukture geziilt opzesichen an sech mat den eenzele Gestionnairen auszetauschen an een oppent Ouer fir hier Iddien a Suergen ze hunn. D'Erfarungen an Erkenntnisser déi um Terrain gewonne ginn, kënnen ënner anerem och an d'Realiséierung vun enger Zort Handbuch féieren, mat Recommandatiounen doriwwer wéi ee gutt strukturéiert Haus funktionéiere kann.

De Qualitéitszirkel soll dobäi awer op kee Fall als Kontrollorgan wouergeholl ginn. Villméi fungéiert de Qualitéitszirkel als « Bindeglied » tëscht de Member-Asbl'en an der EGMJ an als Austausch a Léier-Plateforme wou ganz ënnerschiddlech Sujeten a Schwéierpunkten thematiséiert solle ginn : z.B. Well-Being vum Personal, Infrastruktur, Projeten an Aktivitéiten.

Am Virfeld vun den eigentleche Visitten um Terrain, déi iwwert ee längeren Zäitraum stattfanne sollen, ass eng gutt Preparatioun ganz wichteg. D'Team vun der EGMJ ënnerstëtzt déi benevol Membere vum Qualitéitszirkel bäi der Viraarbecht an och am Kader vun de Visitten sou gutt wéi méiglech.

Fir déi ëffentlech Perceptioun vum Qualitéitszirkel ze verbessere, soll ee Flyer realiséiert ginn, an deem d'Membere vum Qualitéitszirkel presentéiert an d'Gremienaarbecht beschriwwe ginn.

Jacquie Hueber

Qualitéitsbeoptragte vun der EGMJ